N°2449
Entrée le 27.06.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

**Äntwert vum Finanzminister Gilles Roth op d'parlamentaresch Fro n°2449 vum 13. Juni 2025 vum éierbaren Deputéierten André Bauler**

**Bleift och de Steierbüro vu Réiden dem Kanton weiderhin erhalen ?**

De Steierbüro vu Réiden ass aktuell zoustänneg fir d'Besteierung vun de physesche Persounen am Nord-Weste vum Land. De Büro wäert och weiderhin an der Uertschaft Réiden bestoe bleiwen.

**Wéi vill Beamte schaffen de Moment an dësem Büro ? Ass et virgesi fir hir Zuel mëttelfristeg opzestocken ?**

D'Equipe vum Büro zu Réiden besteet fir de Moment aus 10 Agentinnen an Agente. Fir déi mëttelfristeg Entwécklung vum Personalbedarf dréit d'Steierverwaltung e.a. dem Populatiounswuesstem an de Besoine vun de Bierger Rechnung.

**Gëtt driwwer nogeduecht fir och nei Raimlechkeete fir d'Steierverwaltung am Kanton Réiden ze amenagéieren ?**

De Moment schafft d'Administration des bâtiments publics un der Realisatioun vun engem neie Centre administrativ zu Réiden. Et gëtt aktuell domat gerechent fir dëst Gebai 2029-2030 kënnen a Betrib ze huelen.

Lëtzebuerg, den 27. Juni 2025

De Finanzminister

(s.) Gilles Roth